N°423
Entrée le 29.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 423 vum 5. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori.**

D'Regierung ass determinéiert, d'Vertraulechkeet vun de Messagen an den Dateschutz an der elektronescher Kommunikatioun bannent den Departementer a Servicer vum Staat a mam Bierger ze garantéieren.

Beim Iwwerdroe vu confidentiellen Dokumenter, bleift d'Regierung bei der Recommandatioun, sou wéi an der vun der Agence nationale de la sécurité de l'information (ANSSI) an dem Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE) ausgeschaffter "Charte de bonne conduite en matière de sécurité de l'information numérique" virgesin, dei geséchert Léisungen déi vum Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE) ausgewielt goufen ze favoriséieren ("Open Threat Exchange" Technologie (OTX)).

D'Richtlinne vum Regierungskommissariat fir Dateschutz beim Staat un d'Agenten am ëffentlechen Déngscht präziséieren des Weidere Follgendes: « *L'agent ne doit pas partager des informations professionnelles non publiques via les réseaux sociaux, les applications et les services de messageries instantanées qui ne sont pas gérés par l'administration publique (ex. : Facebook, Twitter, Instagram, TikTok, WhatsApp). »*

Fir eng sécher Messenger-Kommunikatioun beim Staat ze garantéieren, gëtt säit Mee 2023 och de Messenger-Déngscht LuxChat4Gov proposéiert. Dësen Déngscht kann esouwuel op engem Aarbechtshandy an anere professionellen Apparater, wéi och op engem Privathandy genotzt ginn.

D'Kommunikatioun op dësem Service -deen op Initiative vum Ministère fir Digitaliséierung zu Lëtzebuerg developpéiert gouf- ass duerch eng Enn-zu-Enn Verschlësselung securiséiert an Donnéeë sinn op lëtzebuergesche Serveuren hebergéiert.

Am Kontext vun der Sécherheet vun der interinstitutioneller Kommunikatioun, ass et zousätzlech wichteg drop hinzeweisen, dass sämtlech Déngschthandyen déi vum CTIE zur Verfügung gestallt ginn (y compris déi vun de Regierungsmemberen an de héije Beamten) iwwert eng zentral Management Infrastruktur ageriicht a verwalt ginn. D'Sécherheet vum Endgerät gëtt duerch des Infrastruktur geréiert notamment well heiduerch eng adequat Verschlësselung vun den Endgeräter assuréiert gëtt a spezifesch Sécherheetsreegele renforcéiert ginn.

Grad ewéi d'mobil Endgeräter, sinn och d'Aarbechtsposten, déi de CTIE den Agenten am Kader vun hirer Aarbecht zur Verfügung stellt, an eng zentral Managementplattform agebonnen, déi kontinuéierlech den

neiste Standarden entspriechend verbessert gëtt. Iwwert dëse Wee stellt de CTIE sécher, dass dës Aarbechtsposten den aktuelle Sécherheetsstandarden entspriechen.

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN